den Domaine de la Salamandre

Den 1. Juni 2013 wor et erëm esouwäit, eis Sortie op den Domaine de la Salamandre wor ungesot an 22 Memberen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg hun sech op den Weë gemeet fir den Héichpunkt vum Joër ze zelebréieren. Schon um Virowend vun eiser Sortie woren Fëscher vun eisem Club zu Latilly ungereest ewell Sie et net méih erwuarden konnten endlech erëm op dësem schéinen Site hir Mécken op d'Waasser ze bréngen an esou koum et dass den Änder, den Mich an den Patrick, schon fréckt gefëscht woren ewei déi meeschten Memberen angetraff sin. Ech hun mir soën geloos dass déi Dräi d'Stëmmung schon fatzég ungeheitzt haten an domader den Terrain fir déi anner Fëscher präparéiert hun. Wor et den éischten Dag vun eiser Sortie, ewei bal iwwerall, nach mat Wollécken an Reen ungaangen ass awer spéidstens ewei den Luss an den Jemp nokomm sin d'Sonn opgaangen an sie sollt och bleiwen bis mir erëm ofgereest sin. Et huet déi ganz Deg zwar een staarken Wand geblosen mée dat konnt awer net verhënneren dass ganz vill Fësch gefaangen gin sin. Erfreelecher Weis huet jidvereen séng Fësch gefaangen ewoubäi déi meeschten Fësch op drechen Mécken gefaangen gin sin. Haten sech an der Vergaangenheet oft d'Fësch nëmmen op ee puer Plazen gesammelt, konnten dës Kéier awer iwwerall iwwert den ganzen Séi verdeelt Fësch gefaangen gin an esou huet een och iwwerall zefridden Gesiichter gesin.

Den Séi wor gudd besat mat kampfstaarken Réebouforellen an verschiddenltlech ass och deen een oder anneren black Bass gefaangen gin. Déi drechen Mécken déi am beschten gefaangen hun woren d'Réihhoërsedge, Daddy Longleg oder d'Parachute Adams, mée och mat schwaarzen Streameren an mat Blopen an villen verschiddenen Farwen sin vill Fësch gefaangen gin an esou wor et och guer net verwonnerlech dass mir ganz spéid erréicht zu Owend giess hun, mée mir haten jo awer Mëttes schon Reserven ungeluecht esou dass awer Keen huet missen Honger oder Duuscht leiden.

Ewell d´Wieder esou gudd wor hun mir och direckt vun der Sonn profitéiert an eisen Präsident, den Jeek, huet eis den Aperitif op der Terasse zervéiert. Natirlech ass dat och ëmmer déi éischten Geleenheet fir deen neisten Beschass ënnert eneen auszetauschen an esou konnt een dann gewuer gin ewou déi anner Fëscherkollegen schon gefëscht haten, ewei hir jeweileg Vakanzen verlaaf sin an och um Niveau vum neisten Équipement an Saachen Méckenfëscherei konnt een esou munesches gewuer gin. Mir konnten dës Kéier awer och erëm een neien Member begréissen, ewell den Raymond hat säin neien véierbeenegen Frënd matbruecht deen och direckt vun eis an den Club opgehol gin ass.

Nodeems mir dun bis ganz spéid an d´Nuecht eran Pläng gemeet haten ewei mir d´Fëscherei deen anneren Dag willten ungoën, woren Moies beim Kaffi awer d´Fëscher erëm voller Energie (déi meeschten objidverfall an och déi, méih oder wéineger !) an esou hun mir och dun direckt erëm las geluecht ewei d´Weltmeeschter, nëmmen den Erny an den Carlo haten erëm Startschwieregkeeten. Sie hun hirt eegent Fëschergeschirr net méih erëm kannt an et konnt een bal méngen iwwert Nuecht hät een hirt Geschirr komplett ausgetosch???? Jee mée och Sie hun dun mat ee bëssen geknouters an mat nach méih gekniwwels den Weë erëm bei d´Waasser fond. Hei wor den Änder schon am gaangen een Fësch nom anneren ze fänken an mir hun Him schliesslech missen d´roud Kaart weisen fir dass och déi anner eemol un d´Fësch komm sin. Den Roger fir säin Deel huet och mat honnert à l´heure las geluecht an huet d´Fësch geckeg gemeet. Den Jeek wor mat séngem Jong, dem Pol, ennerweë an wollt sech zeguer an d´Waasser faalen loossen nëmmen fir op den Film ze kommen, mée esouwäit wollten mir awer net goën och wann et sech bestëmmt gudd um Film gemeet hät.

Éiert mir eis ëmsin haten woren déi dräi Deg Latilly schon erëm Geschicht, d´Zàit wor verflunn mée dat wäert awer net verhënneren dass mir erëm op éng wonnerschéin Sortie zeréckblécken déi eis nach laang an Erënnerung bleiwen wäert.

Esou soll et weider goën an mir frëen eis elo schon op déi nächsten Sortie déi eis op Sommedieue féiert.